N°3447
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.01.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

An der Silvesternuecht op d'Joer 2026 huet sech zu Crans-Montana an der Schwäiz e besonnesch schrecklecht Ongléck ereegent. Bei enger Feier an enger Bar si 40 Mënschen ëm d'Liewe komm, iwwert 100 Persoune goufen deels ganz schwéier blesséiert, dorënner eng grouss Zuel vu jonke Leit. Dëst trauregt Evenement bréngt Froen a punkto Sécherheet an Baren an Diskoen op a stellt d'Fro, wéi esou Tragedien an Zukunft kënne verhënnert ginn.

An deem Kontext géing ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Diskoen a Baren sinn aktuell offiziell zu Lëtzebuerg enregistréiert an zougelooss?
- Wéi eng konkret Brandschutz- a Sécherheetsvirschrëfte gëllen zu Lëtzebuerg fir Diskoen?
- Wéi dacks ginn dës Etablissementer kontrolléiert, a handelt et sech dobäi ëm systematesch a reegelméisseg Kontrollen oder ëm punktuell Iwwerpréiwungen?
- Sinn no dësem Ongléck Iwwerpréiwungen oder Verschäerfunge vun de gëltege Sécherheetsreegele fir dës Etablissementer zu Lëtzebuerg virgesinn?

Mat déiwem Respekt

Liz Braz

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu